PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

I-2023-O-M-7831-01

Dépôt: POLIDORI Ben

Heure d'actualité n°4244 :
Proposition de la Commission européenne relative à l'analyse automatisée des communications privées obligatoire pour tous les opérateurs de services de messagerie ou de courriel (Chat Control)

Lëtzebuerg, den 14/03/2024

1

# Motioun

**D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:**

- Dass e.a. d'Charta vun de Grondrechter vun der europäescher Unioun de Respekt vum Privat- a Familljeliewen an de Schutz vu persounebezunnen Date mat den Artikele 7 an 8 festschreift;
- Dass d'Recht op Privatsphär souwuel am Artikel 11 (3) vun eiser Verfassung, wéi och am Gesetz vum 11 August 1982 concernant la protection de la vie privée verankert ass;
- Dass d'Bekämpfung vum Kannermëssbrauch eminent wichteg ass;
- Dass een dodouerch aner Grondrechter net gänzlech aushielegen däerf;
- Dass et wichteg ass, an deem Beräich en uerdentlechen Equiliber ze fannen;
- Dass d'EU Kommissioun den 11te Mee 2022 eng zweet legislatif Propos zur Bekämpfung vun Abus sexuels vu Mannerjäergen am Internet gemaach hat an dës Propose elo nach emol opgegraff an ugepasst soll ginn;
- Dass dës Pläng vun Datschützer kritiséiert ginn, well duerch si Biller, Videoen, Messagen a Sproochnoriichten aus privaten Chats op Inhalter gescannt solle ginn. Woumat dat digitalt Bréifgeheimnis net méi assuréiert wier;
- Dass de Risk besteet, dass déi viséiert kriminell Persoune sech nei Platformen sichen, wou si net vun der EU-Propos betraff wären;
- Dass eng Ëmsetzung vun de genannte Pläng mat erhiefleche Risike fir d'Sécherheet vun eiser gesamter Online-Kommunikatioun verbonnen ass.

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:**

1. Sech zum digitale Bréifgeheimnis ze bekennen;
2. Sech op EU-Niveau dofir anzesetzen, dass de Screening vu Biller, Videoen, Messagen a Sproochnoriichten, d.h. déi sougenannte Chatcontrol, net verflichtend gëtt.

Ben Polidori